

Lieserbréif zum Thema "Iwwerstonnen" am Lëtzebuerger WORT (vum 30.11.2019)

A sengem Lieserbréif vum 23. November kritiséiert den Här Everling – absolut zu Recht – déi héich Unzuel un a schlecht Bezuelung vun den Iwwerstonnen, déi d'Enseignanten am Secondaire systematesch Joer fir Joer leeschte mussen. Donieft weist hien op den negativen Impakt vun dëser permanenter Méibelaaschtung op d'Gesondheet vun den Enseignanten hin.

Dës Iwwerstonne ginn allerdéngs net nëmme vun deenen Enseignante gelescht, déi, wéi den Här Everling schreift, sech heizou „bereet erklären“. Fir de Fonctionnement vum Enseignement secondaire trotz chronischem Personalmanktem kënnen ze garantéieren, muss nämlech am Prinzip (et gi wéineg Ausnamen) jidder Enseignant Iwwerstonne leeschten, ob gewollt oder net. Et handelt sech bei Iwwerstonnen am Enseignement am Normalfall och net just ëm kuerzzäiteg a punktuell geleschte Méiaarbecht, mee ëm eng iwwert ee gesamt Schouljoer erhéichten Tâche. Dëst ass vergläichbar mat engem Aarbechtsvertrag, deen eesäiteg duerch de Patron dauerhaft op iwwer 100% vun der eigentlech normaler Aarbechtszäit kann erhéicht ginn.

Déi genee Unzuel un Iwwerstonnen, déi Joer fir Joer gelescht ginn, ginn aus dem *Rapport général de planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement secondaire* ervir, deen alle Gewerkschaften zougeschéckt gouf. Laut dësem Rapport ginn am Enseignement secondaire pro Schouljoer iwwer eng véierels Millioun Schoulstonnen als Iwwerstonne gelescht! Am selwechten Dokument ass ausserdeem opgeschlüsselt, wéi sech dës Iwwerstonnen op déi eenzel Fächer verdeelen. Wéineg verwonnerlech stellt een hei fest, dass déi sougenannten *MINT*-Fächer (Mathematik, Informatik, Naturwëssenschaften an Technik) an der Hitparad vun den Iwwerstonne wäit uewe stinn. Fir dës riseg Volume un Iwwerstonnen ofzebauen, misst de Staat zousätzlech zum souwisou scho Joer vir Joer nei rekrutéierte Personal nach eng Kéier e puer honnert vollzäit beschäftegt Enseignanten astellen, eleng fir de Secondaire. Natierlech ass et onméiglech innerhalb vun e puer Joer iwwerhaapt esou vill héichqualifiziert Leit ze fannen. En plus ass et fir de Patron Staat natierlech vill méi gönschteg, deenen Enseignanten, déi souwisou schonn do sinn, dës Iwwerstonnen opzëerleeën, besonnesch well dës beim Ausbezuelen och nach substantiell gestréppt ginn, an zwar andeems d'Indemnitait mam reduzéierende Facteur 36/52 multiplizéiert gëtt. Konkret bedeit dëst, dass dem Patron Staat eng Iwwerstonn am Enseignement secondaire iwwer 30 % manner wäert ass ewéi eng regulär Schaffstonn. Eigentlech misst awer genee de Géigendeel de Fall sinn, besonnesch well den Enseignant net Schold drun dréit, dass hien dëser systematescher Méibelaaschtung Joer fir Joer iwwerhaapt ausgesat ass.

Säit gutt engem Joer gëtt et an der Fonction publique de sougenannten Zäitspuerkont (CET), eng revolutionär Errongenschaft, fir déi sech eisen Daachverband CGFP, a besonnesch d'Féduse/Enseignement joerzéngtelaang agesat huet. Selbstverständlech kann all Enseignant am Secondaire, egal ob Fonctionnaire oder Employé, heivu profitéieren a geleschten Iwwerstonnen op säi CET abezuelen. Zu engem spéideren Zäitpunkt kann hien sech déi ugespuerten Zäit a Form vu Fräistellung erëm „ausbezuelen“ loossen. Interessanterweis gëtt heibäi awer kee reduzéierende Facteur 36/52 applizéiert an et gëllt de Prinzip, dass eng ugespuerte Stonn „1 zu 1“ a Form vun Zäit erëm kann zrëckgeholl ginn. Et wär also nëmme logesch a konsequent, och beim Ausbeziele vun den Iwwerstonne mindestens op de Facteur 36/52 ze verzichten an domat dëser Ongerechtegkeet ee fir allemol een Enn ze setzen. Wann d'Enseignante schonn eng Zopp müssen ausläffelen, déi si sech net selwer agebrockt hunn, da soll se wéinstens och net versalzt sinn!

Gilles Kohnen, Member vum Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP